Et ass fir z'erschrecken - an engem gewësse sënn schafft eis regirong mat de collaborateuren! Dat ass terribel, ma indirect bestëmmt richteg! We' lâng soll dat spill nach daueren?

# D'Unio'n

D'Unio'n erschengt 3 mol d'woch — Abonnement: 30 fr. pro quartal — Enzelnummer 1.50 fr. — Geschäfts- an amtlech annoncen 2 fr., all aner annoncen 1.75 fr. — Expeditio'n a redactio'n: Al-Awenü 40 — Telefon 51-85 — Postscheck Nr. 6491 — Spuerkésgiro 800 — Interbankkont Nr. 2737 — Verantwortlech ass de redactio'nscomité.

**Jor 2 · Numer 25 · 1. März 1945**

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V.D. UNION) * ORGAN VUN DER UNION * ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

# Dat land hei gehe'ert dénen - de' dofir gelidden a gestridden hun!

## Matt der press an d'e'sléck

D'initiativ vun der regirong, d'press op d'auskonft an d'E'sléck ze schécken, wor luewenswèrt, a be'derseiteg vun notzen.

Schon ir én an Ettelbreck erakënt spîrt én zesoen nach de peschthauch vun der entmënschter Hitlerwut, de' do un engem freie gléckleche Letzeburg sech ausgelôss, an et wor nëmmen e gléck, datt ons allie'ert frënn dèr raiber- a märderband d'zeit matt der amerikanescher auer gemôsst hun.

De' Ettelbrécker hu bewisen, datt si och net ënerzekre'e sin, dat beweist de jonge géscht an hire courage beim eremopbau; neischt get onversicht gelôss fir Ettelbréck erem op d'he'cht a me' sche'n ze kre'en. Hutt of vrun eso' enger solidarite't.

Iwer Angeldurf op Dikerech.

Scho gewinnt, d'„organisatio'nsoffensiv" vum Rundstedt u senge suiten kritesch ze bewèrten, gesi mer gleich, datt onst le'ft touristestiédchen Dikerech vill me' gelidden huet. Et leit och nach eng gewëssen dépressio'n op den circa dausend awunner, well d'wonnen nach ze frësch an d'familjen nach zevill zerrappt sin. An ower geseit én an hiren aen de stârke wëlle blëtzen, neiopzebauen.

An zréck gét et iwer Angeldurf op Irpeldeng. Och hei sin heiser a leidd stârk mattgeholl. De „Köppenhaff" ass nëmmen eng ruin me', a „Fle'ber" huet vill gelidden. Ho'schent an Ho'schterdéckt a vu weit onst sche'nt Schlënner, op dèr aner seit Mirschent, iwerall datselwecht trauregt bild: ofgedeckten dég, ausgebrannte ruinen. Oft mengt én, dat ént oder anert haus wir verscho'nt bliwen, kënt én dann an de' aner strôss, geseit én de giéwel am gârd leien a ne'erens me' eng fënster ganz. Holztem a Constem gin dat nämlecht erem. Zerrasse giéwelen, zerste'ert kîrchen a kapellen, opgewullte stécker a bëscher jeizen em hëllef fir sech net ganz ze verbludden.

Um halwen ofhank no Kautebâch wenkt ons stolz d'Schüttburg — si blo'f onbere'ert an duell vu granaten a maschinnegewirer.

A Kautebâch selwer kënt engem d'wâsser an d'aen. Op der köppchen, wo' d'kirch an den himmel gewisen, stét haut nëmme me' eng zerfatzte ruin traureg erofzekucken op de' kleng arbechter- a bauerenheiser de' ënnert schwe'eren erofgefâle bomber begruewe leien. A weider gét et op de Kirschpelt erop, én dîrfche me', dat anert manner mattgeholl. Op der streck, de' sech op Clîrf eropwullt, blo'f ower och keng bréck ganz, ower iwerall sin amerikanesch militärcolonnen matt de reparaturen am gâng, eso' datt ze hoffen ass, datt geschwënn erem aus den tunellen de maschinendamp erauskënt.

An dat montert én erem op. Da sin d'distanzen tëscht dem E'sléck a guddland stârk diminue'ert, an domadder ass schon e gudden dél vum reconstructio'nsproblem gele'st.

(Rescht an der nèxter nummer.)

## Cercle vicieux

Ech hat missen an ént vun eise regirongsgebeier goen. Et sto'nge vill leidd am vestibül ze warden. Gleich ass et mir opgefall, datt dat zwéerlé leidd wiren, vill dervun hun ech och kannt. En on-

An eso' ass da bal é vun desen, bal é vun dénen am büro vun engem chef de service oder vum minister verschwonnen. Ganz frappant wor et dann fir d'expressio'n vun déne leidd ze sto-

**Bre'f aus London**

## Gro'ssherzoginsgeburtsdag: Feieren an England

Op Gro'ssherzogins geburtsdag go'f zu London eng mass gesongen. D'Grande-Duchesse Charlotte matt de prënzessinnen Marie-Adelhaide an Elisabeth, an A. T. S.-uniform, waren do; eise minister plénipotentiaire, den hèr Clasen an d'madame Clasen, den hèr Als, verschidden hèren, de' vun den allie'erte natio'nen delege'ert waren; d'personal vun der letzeburger legatio'n, a perso'nen aus der letzeburger colonie zu London.

Ech selwer war den dag virdrun, den 22. januar, „somewhere in England" gefur, an de letzeburgeschen trainingscamp, wo' eis jonge mech invite'ert haten, hirer Gro'ssherzogins geburtsdagsfeier beizewunnen. An ech hun de' rés gur net bedauert. D'letzeburger jongen, de' an dem camp do hir ganz modern militäresch ausbildong kre'en, haten d'sâch richteg ugepâkt an eng feier organise'ert, de' ganz vum patrioteschen eso' wuel we' vum beschte komerodschaftsgéscht gedroe war. An

leches z'erdroen haten, dann huet d'moralescht beispill vun eiser Gro'ssherzogineis ëmmer neie courage gin, fir durzehalen bis zum gudden enn.

Eis jongen hun dreimol e kräftegt „Vive d'Charlotte" geruff; d'fënstere vun der cantin hu geziddert.

Durno hun se sech an enger minutt silence gesammelt am undenken fir de' do'deg fir d'sâch vun der freihét an der hémecht, fir de', de' hirt ro'd wârmt bludd an hirt jongt hoffnongsvollt liéwen hirgin hun, fir datt eise ro'd, weiss, bloe fändel erem frei a stolz soll flatteren iwert e neit Letzeburg, dat am neien Europa seng ége missio'n z'erfëllen huet.

An zum schluss hun d'jongen d'e'scht an de' lescht strof vun der Hémecht gesongen. Ech selwer hu mech durno matt mengem begléder, dem Roger S., ewech gemât- fir datt mer virun der nuecht nach sollen erem zu London sin. Mé d'jongen hate nach e klenge „gueuleton"

